# 04/07/2024

# Remise des diplôme Premières 23-24

# Allocution de Madame Claudine Muller, Directrice du LTPES

Léif Laureaten, Madame Minister, Madame Europadeputéiert, léif Elteren, léif Éieregäscht,

Ech wënschen Iech häerzlech wëllkomm hei am LTPES.

Ewéi Dir warscheinlech alleguer wësst, hu mir dëst ganzt Schouljoer, zesumme mat der ances, de 50. Anniversaire vun der Educateurs- an Educatriceformatioun gefeiert, ee groussen Deel vun dëse Feierlechkeeten huet dobäi ënnert dem Haut Patronage vum Grand-Duc a vun der Grande-Duchesse stattfonnt, e Freideg virun enger Woch huet de Groussherzog selwer eis inklusiv Spillkiermes besicht, ee Besuch, iwwert dee mir eis immens gefreet hunn! Bei all deene Festivitéiten hu mir d'ganzt Joer iwwer vill vum Educateursberuff geschwat. Vill vun Iech sinn och ënnerwee an dee Beruff; nach ni hate mir esou een héije Prozentsaz vu Primaner, déi sech fir d'Terminale ugemellt hunn.

Trotzdeem wollt ech op dëser Plaz net all dat widderhuelen, wat am Laf vum Joer iwwert den Educateursberuff gesot ginn ass, iwwert d'Originnen an d'Entwécklung vum Beruff bis hin zu den Défis'en, zumol ech dat e Méindeg op der Diplomiwwerreechung vun der Terminale och nach eemol maache wäert.

Villméi wollt ech op ee Schwéierpunkt agoen, dee mir als Schoul ëmmer erëm probéieren an de Mëttelpunkt ze réckelen: dee vun der Participatioun.

Dir wësst, datt eise leschte PDS, eise Plan de développement scolaire als Zil hat, eng partizipativ-demokratesch Schoulkultur ze entwéckelen. Mir hunn elo beim Erschaffe vum neie PDS erëm eng Analys vun der Situatioun gemaach a festgestallt, datt et eis gelongen ass, muneches ëmzesetzen, muneches awer och nach net. Mir wäerten dofir am Kader vum neie PDS weiderhin u Verbesserunge schaffen a probéieren d'ganz Schoulgemeinschaft anzebannen.

Mir hoffen mat dëser Schoulentwécklungsaarbecht och eng Virbildfonktioun duerstellen ze kënnen fir gesellschaftlech Participatioun. Participatioun ass d'Basis vun enger demokratescher Approche. Ech si mer bewosst, datt de Begrëff demokratesch-partizipativ Schoulkultur zum Deel falsch Erwaardunge schüre kann. Dofir erlaben ech mer kuerz drop anzegoen, wat eng Demokratie ausmécht a firwat d'Participatioun esou wichteg ass.

Demokratie heescht,

- datt ee Rechter huet, mä och datt ee senge Pflichten nokomme muss;
- datt ee respektéiert gi muss, mä och, datt een déi aner respektéiere muss;
- datt ee sech asetze kann, fir datt wichteg Saache gesetzlech festgehale ginn, mä och, datt een d'Gesetzer respektéiere muss;
- datt all Mensch déi selwecht Rechter huet an a Fräiheet liewe kann.

Mä Demokratie heescht virun allem,

- datt de Prinzip vun der Gewaltentrennung respektéiert gëtt, dee garantéiert, datt d'politesch Muecht gedeelt gëtt, fir all Muechtmëssbrauch ze verhënneren;
- also datt déi staatlëch Fonktioune getrennt ginn fir d'Fräiheet vum eenzelne Mënsch virum Muechtmëssbrauch vun engem Muechthaber oder enger Grupp vu Muechthaber ze sécheren.

Dofir brauche mer d'Trennung vun

- der legislativer Muecht, also deem Gremium, dat Gesetzer erléisst, also an eisem Fall der Chamber,
- der exekutiver Muecht, also der Regiirung, déi d'Gesetzer ëmsetzt,
- an enger absolut onofhängeger Justiz, déi d'Anhalung vun de Gesetzer kontrolléiert (an do gëtt d'Madame Margue als Justizministesch mer bestëmmt recht).
- Zousätzlech ass et och wichteg, eng onofhängeg a méiglechst sachlech Press ze hunn.

D'Gewaltentrennung garantéiert

- datt jiddereen Initiativen huele kann, seng Meenung soen däerf a fir seng Iwwerzeegungen astoen kann, ouni Angscht missen ze hunn;
- d.h. datt jidderee participéieren kann!

Natierlech léisst dëse gesellschaftleche Systeem sech net op eng Schoul erofbriechen. Mä d'Participatioun als Méiglechkeet, sech anzebréngen, kann duerchaus geübt a virgelieft ginn. An dëst ass wichteg!

Mir brauchen net wäit ze kucken, fir ze gesinn, wéi geféierlech d'Situatioun fir d'Demokratie als sollech am Moment an Europa an an der Welt ass.

De Rietsruck, dee weltwäit duerch d'Gesellschafte geet, bereet mir immens grouss Suergen. Ech hat wierklech gehofft, datt mir no der Erfarung vum 2. Weltkrich an der Okkupatioun duerch Nazidäitschland hei am Land, mä och a ganz Europa an an der ganzer fräier Welt bäigeléiert hätten an net méi emfänglech wieren, fir déi vun de Populiste virgegaukelt einfach Äntwerten op komplex Froen. Dës ginn erfarungsgeméiss ëmmer op d'Käschten vu Minoritéiten a vun deene Persounegruppen, déi um Rand vun eiser Gesellschaft stinn a vun deene kritesche Membere vun der Gesellschaft. Ech hat och gehofft, datt mer als fräi europäesch Gesellschaft opgrond vun eisem humanisteschte Menschebild an eisem Vertrauen an d'Demokratie immun wiere géint déi rietsextreem a rietspopulistesch Gefor.

Besonnesch de Fait, datt mëttlerweil och jonk Leit sech vu genee deene Leit a Parteie ködere loossen ass fir mech schwéier ze erdroen. Mir gesi besonnesch elo a Frankräich, wat dat bedeit. Déi politesch Entwécklung an deene leschte Wochen an eisem Nopeschland huet mir d'Schudderen de Réck erof lafe gelooss. An ech muss soen, datt ech, dee bis elo keen immense Fan vun engem Ousmane Dembélé, engem Kilian Mbappé oder engem Marcus Thuram war, een immense Respekt virun dësen dräi zum Deel nach jonke Sportler hunn, déi kloer Stellung bezunn a sech vun de Faschisten distanzéiert hunn an d'Wieler, besonnesch och d'Jugend, opgeruff hunn, wielen ze goen! Dat ass keng Selbstverständlechkeet! Mä och dat ass gesellschaftlech Partizipatioun. Dat ass ee Beispill fir d'gesellschaftlech Verantwortung, déi jiddereen op seng Aart a Weis huele kann a muss!

Nëmme wann et eis geléngt, eis Demokratien ze bewaaren, wäerte mir och an Zukunft an enger Gesellschaft liewen, déi deene Wäerter entsprécht, déi mir probéieren op der GED, also der Educateurssectioun, ze vermëttelen: Respekt, Wäertschätzung, Éierlechkeet, Authentizitéit, Integritéit, Kongruenz, Bientraitance esou wéi den Asaz fir Chancëgläichheet an de Respekt vun de Kanner- a Mënscherechter am Sënn vun enger inklusiver Gesellschaft.

An deem Kontext war ech immens frou iwwert den Uklank, deen déi vum ZpB zur Verfügung gestallten Ausstellung "State of Deception" esou wéi eisen éischten Holocaust Remembrance Day e leschte Méindeg hei am LTPES fonnt hunn, awer och, méi am Ufank vum Joer, d'Ausstellung *EU4You(th)*, an och iwwert

d'Begeeschterung, déi am LTPES ausgebrach ass fir d'Europäesch Institutiounen ze besichtegen. Mir envisagéieren an deem Kontext fir Botschafterschoul vum Europaparlament ze ginn.

Ech hoffen op jidde Fall, datt et eis gelongen ass, Iech, léif Laureaten, zu kriteschen, mä iwwerzeegtenen Demokraten an Demokratinnen auszebilden, déi och derzou bäidroe wäerten, eis Demokratie ze stëtzen, fir net ze soen ze verteidegen, andeems Dir déi demokratesch Wäerter virliewt a vermëttelt. De Schlëssel dozou ass d'Participatioun an dës fänkt domat un, datt ee wiele geet.

Léif Laureaten, dat hei ass a mengen Aen de Moment, fir ervirzehiewen, datt och Är Enseignanten an dat ganzt Personal hiirt Bescht gemaach hunn, fir Iech an dësem Entwécklungs- a Léierprozess esou gutt ewéi méiglech ze ënnerstëtzen. Hinnen dofir ee grousse Merci a, wéi ech mengen, ee groussen Applaus!

Egal a wéi ee Beruff Dir spéider am sozialen oder am edukative Secteur goe wäert, wäert Dir op déi eng oder aner Aart a Weis sécher och eng Virbildfonktioun hunn, mat der Dir op der Basis vun engem humanistesche Menschebild Ärt derzou bäidroe kënnt, fir d'Kanner an déi Jonk, mä och déi eeler Leit an och Leit mat spezifesche Besoinen oder Handicap ze ënnerstëtzen, fir hire gesonde Mencheverstand ze entwéckelen an hiert kritescht Denken anzesetzen. Mir hoffen, datt mer déi allermeescht vun Iech d'nächst Joer op der Iwwerreechung vum Diplôme d'État d'éducateur erëmgesinn, wou mer dann nach eemol op d'Défis'e vum Educateursberuff agoe kënne, Défis'en, déi allerdéngs och vill mat deenen haut ugeschwatene Punkten zesummenhänken.

Dir hutt op jidde Fall all ee wichtege Schrëtt hannert Iech: Dir hutt Är Première gepackt a kritt haut Ären Diplom! An dat ass ee ganz wichtege Punkt: Et ass nogewise ginn, an dat war an de leschte Wochen an diverse gutt recherchéierten Artikelen an der Press ze liesen, datt Leit mat engem Premièresofschloss manner derzou tendéieren, déi rietsextreem Parteien ze wielen oder och deen amerikanesche Chef-Populist Donald Trump ze ënnerstëtzen. Et schéngt, wéi wann e Secondaires-Ofschloss an domat schoulesch Bildung de Stellewäert vun enger Impfung géint Rietsextremismus a Populismus kéint hunn. Et ass also gutt a wichteg, datt een eng Première muss hunn, éiert een d'Terminale an Ugrëff huele kann, fir den Diplôme d'État als Educateur oder Educatrice ze maachen. Och a Bezuch op Äre Premièresdiplom wäert Dir spéider ëmmer eng Virbildfonktioun fir Jonker kënne sinn: Motivéiert si, fir hire Schoulofschloss ze maachen a fir domat, hoffentlech, gewappnet ze sinn géint d'Populisten an d'Extremisten!

Am Numm vun der ganzer Direktioun vun eisem Lycée, an ech mengen och dierfen ze soen vun der ganzer Schoulgemeinschaft, Felicitatiounen un Iech all! Dir hutt vill geschafft a kënnt elo houfreg drop sinn, Äre Premièresdiplom haut ze kréien. Alles Gudds fir Är Zukunft!

Den Applaus gehéiert Iech!